N°8081
Entrée le 08.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.06.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3768 vum 4. Mäerz 2021 iwwert verschidde Sécherheetsmängel um Findel, déi am Kader vun engem Audit vun der ANA duerch d'DAC festgestallt goufen, huet den Här Minister deemools ënner anerem dat hei geschriwwen: "*An den Deeg nom Audit gouf der DAC en korrektiven Aktiounsplang, deen aus e puer Etappe besteet, zur Verfügung gestallt, wei bei all Net-Konformitéit. Dëse leeft bis Enn 2021 a gouf vun der DAC guttgeheescht*".

Zu der Fro vum schlëmmst méiglechen Impakt op de Findel huet den Här Minister deemools geschriwwen: "*Aus enger operativer Perspektiv, wier déi extreemste Moossnam theoretesch e partiellt oder komplett Zoumaache vum Fluchhafen oder vum Loftraum. Sou eng Moossnam schéngt allerdéngs am Moment weder gerechtfäerdegt nach proportional*". Wéi rezent an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 7950 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement ze liese war, koum et an der Lescht awer zu substanziellen Aschränkungen am Passagéierverkéier, well d'Zuel vun de Landunge vun 20 op zwielef pro Stonn huet misse reduzéiert ginn. Als Begrënnung schreift den Här Minister dann ënner anerem dat hei: "*Am Kader vun engem Audit vun der Administration de la navigation aérienne (ANA) huet d'Direction de l'Aviation civile (DAC) eng Rei Non-Konformitéite festgestallt. Eng dovun ass als Niveau 1 klasséiert ginn an d'DAC huet eng direkt Aktioun vun der ANA gefrot, déi d'Zuel vun den Arrivéeën op 12 pro Stonn limitéiere soll, soulaang déi Non-Konformitéit net geléist gouf*".

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi déi zwee Dossiere liéiert sinn? Handelt et sech em zwee verschiddenen Auditten oder ëm de Suivi vun identesche Probleemer? Kann den Här Minister am éischte Fall preziséieren, wéi sech dës héich Zuel u Pannen ënnerhalb vu kuerzer Zäit erklläert, respektiv am zweete Fall, firwat den ursprénglechen Delai fir déi festgestallte Mängel bis Enn 2021 ze redresséieren, net agehale gouf?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, mat wéi vill Ausfäll a Verspéidungen d'Passagéier um Findel notamment wärend der Saison musse rechnen a preziséieren, wéi laang eng duerchschnëttlech Verspéidung kéint daueren?

3) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi dës Mängel sech allgemeng op déi international Reputatioun vum Findel auswierken a preziséieren, ob an deem Zesummenhang scho Fluchgesellschaften annoncéiert hunn, hir Aktivitéiten um Findel ze reduzéieren oder anzestellen, respektiv op geplangt Expansiounen oder nei Néierloossungen ze verzichten?
4) Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi ee Chiffer d'Affaires der Firma LUXAIRPORT als Exploitatiounsgesellschaft duerch dës Reduktioun maximal ka verluer goen a preziséieren ob dës oder och de Staat direkt am Risiko stinn an dësem Zesummenhang missen Indemnitéiten u betraffe Fluchgesellschaften ze leeschten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 8081
Entrée le 19.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8081 vum 8. Juni 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

Wat déi zwee Dossieren ugeet, esou handelt et sech ëm zwee verschidden Auditen. D'Direction de l'Aviation Civile (DAC) huet Restriktiounen ausgeschwat wéinst feelenden Zertifikater vun de Kompetenzniveaue vun den Techniker vun der Administration de la Navigation Aérienne (ANA). Dës sinn noutwenneg fir verschidden Zorte vu Maintenance un den techneschen Ekipementer kenne konform duerchzeféieren. D'ANA huet doropshin zousätzlech Formatiounen ugefrot fir déi noutwenneg Zertifikater ze kréien, fir dass d'Restriktiounen dann esou séier wei meiglech kennen opgehuewe ginn.

Wat d'Fro iwwer déi héich Unzuel vun Défaillancen ugeet, soll drop higewise ginn, datt dëst d'Resultat vun enger Successioun vun Evenementer ass, déi haapstsächlech ob eng feelend Antizipatioun vun der Ëmsetzung vun existéierenden europäeschen Obligatiounen zereck geht. Dëst betrëfft am Moment haaptsächlech de CNS-Domän (Kommunikatioun, Navigatioun, Iwwerwaachung), dee rezent vun engem ganz héije Personalausfall betraff ass.

Zu de Verspéidungen, bzw. Ausfäll, vu Flich kann ee soen datt dës normalerweis op verschidde Grënn baséieren, wéi zum Beispill op technesche Pannen, schlechte Wiederkonditiounen, der maximaler Kapazitéit vu verschidde Loftraim, Streik vu verschidden Acteuren aus der Loftfaart etc. Deemno ass et net méiglech, den Impakt vun dëse Restriktiounen op eenzel Flich genee ze bezifferen.

Et sief drun erënnert dass d'Audite vun der DAC als Kontrollautoritéit gemaach gi fir sécher ze stellen dass déi international an europäesch Reglementer agehale ginn, dëst ëmmer mam Ziel fir d'Sécherheet um Fluchhafen ze assuréieren. Bis elo ginn et keng Indizien dofir, datt sech dës Restriktioune vun de Landungen negativ géingen op d'Reputatioun vum Fluchhafe Lëtzebuerg auswierken. Vu Säite vun de Fluchgesellschafte ginn et keng Informatiounen iwwert e reellen Impakt ob hir Aktivitéiten. Dës Restriktioune féieren am Eenzelfall zu Verännerunge vun de Landezäiten.

lux-Airport zitt och weiderhin Landetaxen an, dës bleiwen no den normale Reegelen och weider fälleg. Et gouf bis haut nach keng Annulatioun vu Flich oder Ëmleedunge wéinst den aktuell gëltege Limitatiounen, dohier och keng Verloschter op Säite vu lux-Airport.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch